Jongbauerendag 2018

Zesumme vill erreechen

Agrarpolitesch Stellungnam
vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ)

Gudden Owend Dir léif Leit,

Här Äerzbëschof,

Dir Dammen an Häre Ministeren (ff) a vereedegt Deputéiert,

Ewéi all Joer, hu mir och dës Kéier erëm eng Stellungnam mat brisante politischen Themen zesummegefaasst. Dësweideren hu mir och eng ganz Rei Umierkungen zum Thema vum Owend an ech géif soen, mir starten elo direkt an d'Thema eran:

Kommunikatioun

D'Kommunikatioun mam Konsument ass e vill ze laang vernoléissegte Beräich vun der Landwirtschaft. De Konsument ass mëttlerweil esou wäit vun der moderner Landwirtschaft fort, datt een him erkläre muss, datt mir hei zu Lëtzebuerg, Mëllech a Fleesch produzéieren; et mat de Banannen a Kiwien hei awer méi schwéier ass!

Projeten, ewéi „Fro de Bauer", déi vun der Politik matgedroe ginn, hunn eng äusserst positiv Resonanz a sollen och an Zukunft verstäerkt gefërdert ginn. Och wa verschidden Acteuren eis Ëffentlechkeetsaarbecht net schätzen, ass dëst nach laang kee Grond, se a Fro ze stellen! Eise Leaderprojet leeft elo zënter 2 Méint a mir musse feststellen, datt nach vill am Beräich vun der Sensibilisatioun ze maachen ass. Ouni esou Projeten iwwerhuelen d'Lobby-Veräiner de Rôle vun der Opklärung; dat mam Risiko, datt deelweis idealistesch an deelweis fanatesch Virstellunge verbreet ginn. Dës Virstellungen entspriechen net der Landwirtschaft, wéi se tatsächlech funktionéiert.

An där Saach, hu mir nach vill Iddien - mat zum Beispill enger Neioplo vum sougenannte *Bauerenhaff an der Stad*, mat Aktiounen am Kader vun der *Foire agricole*, weideren Aktivitéiten an de Schoulen, …

Eis Fuerderungen an dësem Beräich si kloer: All Sensibilisatiounsaktioune musse vun allen Acteuren aus der Landwirtschaft an och vum Ministère gedroen a gegebenenfalls ausgebaut ginn. Déi finanziell Mëttelen dierfen net agegrenzt ginn!

Digitaliséierung

- **Zil**: Staark Reduzéierung a Vereinfachung vum Bürokratieopwand, fir d'Betriber, ewéi och fir d'Administratiounen

De Fokus muss dobäi ganz bestëmmt op d'Betriber geriicht ginn! Mir stellen am Moment leider fest, datt d'*Simplification administrative* éischter eng Entlaaschtung fir d'Beamten an d'Administratiounen duerstellen, ewéi fir d'landwirtschaftlech Betriber selwer (als Beispill: Flächenantrag). Mir fuerderen deemno ugepassten Deadlinë bei all den administrativen Demarchen, wéi beispillsweis fir de Flächenantrag, esou datt eis eigentlech Aarbecht net ageschränkt gëtt.

D'Digitaliséierung ass e Phänomen an eiser moderner Gesellschaft, wat keen ausbremse kann a wat ëmmer méi e groussen Impakt op eis Zukunft wäert hunn; mir kënnen an dierfen äis deem net verschléissen, mussen awer dofir suergen, datt:

- den **Dateschutz** garantéiert ass. Et muss sécher gestallt ginn, datt sämtlech Donnéeën an der Hand vum Eegentemer bleiwe bis zum Zäitpunkt, wou dësen decidéiert, fir beispillsweis d'Daten un d'Kontrollstellen oder d'Administratioune weiderzeleeden. Dofir brauche mir eng zentral Datebank, déi an onofhängeger Hand ass.

- Eist landwirtschaftlecht Strukturgebitt gëtt vun de **Softwarefirmen** éischter vernoléissegt. Dofir brauche mir onbedéngt d'Ënnerstëtzung vum Ministère fir Berodungsstellen ze fuerderen, fir passend a praxisräif Ackerschlagkarteien a Programmer ze entwéckelen, déi op déi lëtzebuergesch Gesetzgebung an un eis Betriber ugepasst sinn.

- Eng eventuell Erhéijung vum Plafong wär noutwendeg, fir de Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, fir an nei digital Techniken ze investéieren. Och hei fuerdere mir ganz kloer den **Dialog** mat allen Acteuren um Terrain, dat am vir- an nogelagerte Beräich, wat d'Digitaliséierung betrëfft (Beispill: Ouermarken)

- Fir déi landwirtschaftlech Betriber an och fir d'Administratioune stellen dës nei **Erausfuerderungen** awer och kloer **Chancen** duer:

  <u>Erausfuerderungen</u>

  - **Verwaltung** vun enger riseger Mass un Daten
  - Schnell **Disponibilitéit** vu verschiddenen Donnéeën
  - Iwwergang vun der Pabeierform op déi digital **Weiderbildung**?!
  - Vernetzung / Disponibilitéit / Austausch / Dialog / *Up to date* bleiwen / Oppen si fir Neierungen …

  <u>Chancen</u>

  - **Precision Farming** : Aspuerung vu Betribsmëttel
  - Ekologesch an ekonomesch Verbesserungen

  - **Aspuere vun Zäit** duerch manner Bürokratie: méi Zäit fir d'Famill, Konzentratioun op dat Wesentlecht!

Waasserschutz

De Waasserschutz ass a bleift e ganz wichtege Punkt, dat och an der Landwirtschaft! Fir d'Éischt wëlle mir emol kloer stellen, datt mir – als ee vun den Acteuren aus der Landwirtschaft - och FIR e gutt organiséierte Waasserschutz sinn an och schonn an der Vergaangenheet mat Erfolleg doru geschafft hunn! Jo, d'LLJ war *Wegbereiter* an huet - zesumme mam OekoZenter - dei éischt Waasserschutzberodungen ausgeschafft. Mir hunn dës Berodung sengerzäit am Dialog an a voller Transparenz mat de Baueren an de Gemenge gemaach.

De Wasserschutz geet just mat der Landwirtschaft! Dofir fuerdere mir ganz kloer eng nach méi enk Zesummenaarbecht mat där neier Regierung!!!

An engem rezente Beispill hu mir awer gesinn, wéi mir äis dat NET virstellen. Et kann net sinn, datt Waasserschutzzonen ausgewisen an och Mesure virgestallt ginn, an den Acteuren um Terrain dat emol net matgedeelt gëtt. Esou ewéi dat beispillsweis zu Schëtter, Mënsbech, Contern, … de Fall war; an net nëmmen d'Acteuren, mee och d'Berodungsservicer, déi speziell fir d'Waasserschutzgebidder schaffen, wéi d'Landwirtschaftskammer goufen net dovunner a Kenntnis gesat.

Op Nofro, firwat hei net kommunizéiert ginn ass, gëtt dann einfach gesot, mir missten äis besser informéieren, well um Internet géif ee jo alles fannen. Dëst ass net déi richteg Approche fir esou eng heikel Thematik konstruktiv unzegoen.

Iwwert d'Entschiedegungen dierft Dir gären eng Kéier an de Koalitiounsverhandlunge schwätzen. Mat 120 € am Akerbau resp. 80 € um Grengland / Ha gi mir äis net zefridden. Dës Sue kompenséiere leider net dee reelle Produktiounsdefizit; ***dëst ass ee Witz***!

Mir fuerderen hei en Iwwerschaffe vum finanziellen Ureiz fir d'Baueren, fir Waasserschutz ze bedreiwen. De Waasserschutz ass fir äis eng Prioritéit, da muss en dat och bei der neier Regierung sinn. Et ass fir äis selbstverständlech, datt si dann och déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung stellt. Bekanntlech kënne mir ***zesumme vill erreechen***.

Innovativ-Fong

Här Minister,

D'Gesellschaft an d'Politik fuerdere vun äis, datt mir innovativ sinn an äis diversifizéieren. E sëlleche Betriber hunn dat scho gemaach oder sinn dobäi, fir e Projet ëmzesetzen. Vill anerer maachen sech och doriwwer Gedanken. Dacks héiert een d'Argument, datt bei äis d´Strukture feelen. Hei gesi mir Iech an der Flicht. Mir fannen, Dir sollt Machbarkeetsstudien iwwert d'Ëmsetzbarkeet vu verschiddene Projeten an Optrag ginn an d'Resultater da publizéieren.

Wat menge mir domat? Zum Beispill: eng mobil Kéiserei, eng Anlag fir Muerten ze wäschen an ze poléieren oder och eng Sauermousfabrik. Mir Bauere kënne jo Gemeinschaftsbiogasanlage bauen, firwat net och eng Sauermousanlag??

Niewent der Machbarkeetsstudie vun engem mobille Schluechthaus kann de Gedanken iwwer Schluechtboxen mat engem Schluechthaus an enger Decoupe am Zentrum vum Land weidergefouert ginn. Dëst hätt e regionale Charakter an et géif d'Direktvermaartung ënnerstëtzen.

Artikel 35 vun der ELER Veruerdnung

An dësem Zesummenhang fuerdere mir och d'Aktivéierung vum Artikel 35 vun der ELER Veruerdnung. Dëst erlaabt eng direkt Ënnerstëtzung vu Kooperatiounen an der Landwirtschaft. Domat ënner anerem och d'Kooperatiounen tëscht Bauere fir eng gemeinsam Weiderveraarbechtung oder Vermaartung opzebauen. D'Zesummenaarbecht tëscht Bauer a Konsument an och net nëmmen, wéi zum Beispill d'*Solidaresch Landwirtschaft*, eng Solawi selwer, mee och e Gruppement vu verschiddene Solawis. E weidert Beispill wär d'LAKU (Gruppement vu Baueren a SEBES), déi dovu profitéiere kéint.

Energie

D'Klima an d'Energie si wichteg Themen, wou d'Landwirtschaft hire Bäitrag leeschte kann. Mir wëllen hei e puer Fuerderungen zu dësen Theme virstellen:

- Eischtens sollen all déi Techniken, déi dem Klima an och dem Waasserschutz eppes bréngen, mat engem Minimum vu 75 % ouni Plafong subventionéiert ginn.

- Mir fuerderen e *Revival* vum nohaltege Biogas. Dës Technik soll genotzt ginn, fir d'Emissiounen an der Landwirtschaft erofzesetzen an de Betriber en zousätzlecht Akommes ze erméiglechen. Derniewent erlaabt de Biogas, flexibel Energie ze produzéieren, z.B. Spëtzestroum an awer och vill weider Forme vun Energie, ewéi Hëtzt, Stroum oder Gas.

- Mir sinn der Iwwerzeegung, dat et net richteg ass, datt 1 Persoun eleng op e Flouer komme kann, an hei am grousse Styl, Wandmillen opriichte kann. Weder de Proprietär vum Terrain nach soss e Bierger dierf sech un esou engem Projet bedeelegen.

  Hei misst d'Gesetz esou ugepasst ginn, datt een iwwert enger gewësser elektrescher Leeschtung, méi Partner brauch, fir esou e Projet ze realiséieren, esou datt den Initiator eng Majoritéit, awer net iwwer 65 % vun de Parte soll hunn. Dëst mam Zil, grouss Investore vun dëse Projeten ewechzehalen an esou Projete méi no un de Profit vun der Allgemengheet ze bréngen (Kompensatioun).

- Mir fuerderen, datt PV-Anlagen erëm gewënnbréngend ënnerstëtzt ginn an datt keng Limitte bei den Diecher soll bestoen.

- Mir sinn awer och kategoresch géint all PV-Anlag op der fräier grénger Wiss - op kenger fräier grénger Wiss - och net, wann se einfach als Industriezon ëmklasséiert ginn ass. Dëst wär kontraproduktiv zum Naturschutz - jo zum Naturschutz - fir nach méi Fläch ze verbauen. Mir fuerderen hei d'Politik op, dat si sech dofir asetzt, wann hir den Naturschutz wichteg ass. Eng einfach Mesure déi näischt kascht wär, bei Geneemegunge vun neien Industriebauten, eng PV-

Anlag um Daach als Kritär, fir eng Geneemegung ze setzen. Et sinn nach ganz vill Daachflächen hei zu Lëtzebuerg disponibel, do denke mir zum Beispill un déi frësch renovéiert Chamber!

Gréngzon

D'Bauen an der Gréngzon, en Thema, wou mir an de leschte Jore vill dofir gekämpft hunn. Mir wëssen awer och, dat en neit Reglement zu de Bauten an der Gréngzon ënnerwee ass, wou mir awer net wësse wat op äis zoukënnt.

Hei beispillsweis e puer konkret Mesuren:

- De *Guichet unique*, deen am leschte Koalitiounsvertrag ewell verankert war, wäert dann elo hoffentlech Realitéit ginn. Fir d'Pläng muss eng Plaz kommen, wou alles fortgeet an alles op déi richteg Plaz kënnt.

- Eng Bauberodung muss am MDDI agefouert ginn, fir datt d'Leit, déi e Projet hunn, sech iwwer d'Restriktiounen informéiere kënnen. Dëst spuert de Bauere Geld - an hinnen an de Beamten - Zäit an Nerven. Dobäi ass et nach méi ekologesch well vill manner Pabeier verschwent gëtt.

- Och mussen d'Geneemegunge vum Wasserwirtschaftsamt an dem Environnement ofgestëmmt ginn.

- Zesumme mat der Landwirtschaft soll e Leitfaden ausgeschafft ginn, wou déi normal Bauten drënner falen a wou genau drasteet, wat op de Bauer duerkënnt.

- Bei den Haiser an der Gréngzon soll bei engem Haus eng Basis vu minimum 330 m2 Wunnfläch festgeluecht sinn, liewe méi Generatiounen op engem Betrib, soll d'Méiglechkeet do sinn, déi genannte Wunnfläch no uewen unzepassen.

Mir hunn eng ganz Rei Fuerderungen opgestallt; dat am Interessi vun äis, den direkte Concernéierten, vun der Gesellschaft an hoffentlech och vun der nächster Regierung.

Léif Leit,
Dir wësst, datt eise Jongbauerendag all Joer op dësen 3. Sonndeg am November fält. *Déi nei Regierung ka sech jo schliisslech net forméieren, ouni de Fuerderunge vun de Jongbaueren, Rechnung ze droen!!!* Oder wat mengt Dir, Här Etgen?

Simplification administrative

De Begréff „Simplification administrative" ass am Wahlkampf laang a breet getréppelt ginn. An deene leschte Jore war et och ee vun deene Sujeten, déi ëmmer erëm ugeschwat gi sinn.

Léif Leit,

Kucke mir emol zréck, wat dann tatsächlech an deem Punkt geschitt ass. Déi eng Saach, fir äis d'Jongbaueren, betrëfft de Wee, dee mir musse goen, fir e Betrib ze iwwerhuelen. Et musse vill verschidde Formulaire vun ënnerschiddlechen Administratiounen ausgefëllt ginn. Huet een dann eemol alles op der richteger Plaz eraginn, dann ass Gedold gefuerdert.

Vum Här Minister Fernand Etgen koum d'Ausso, datt all Demande bannent 3 Méint ofgeschloss wär. Hien hat do awer wahrscheinlech vergiess ze erwänen, datt dës Zäit eréischt ufänkt, wann d'Dokumenter um leschte Büro vun der laanger Schlaang ukomm ass. Op jiddwerfall kritt een dës Äntwert bei der Nofro zerwéiert.

Déi aner Saach ass d'Féiere vun engem landwirtschaftleche Betrib. Huet een sech emol installéiert, da geet d'Bürokratie eréischt richteg un: Flächenantrag, Agrar-Ëmwelt-Programmer, Düngeplang, Autorisatioune fir Allerlee, Waasserschutzgebidder, X verschidde Stéchdatumer fir d'Ausbrénge vun organeschem Dünger a wéi laang Tëschefriichte stoe bleiwe mussen, … fir nëmmen dës Beispiller ze nennen. Wéi soll een do mat deene ganzen ënnerschiddleche Gesetzer nach een Iwwerbléck behalen. Esouguer bei de Verwaltungen trëfft ee reegelméisseg op Onsécherheet. Mee kee Virworf un si; all déi Bestëmmunge ka kee Mënsch sech verhalen.

Mir fuerderen hei:

- ⇒ Ugepassten a méi rapid Veraarbechtungszäitraim fir administrativ Demarchen
- ⇒ Dialog mam Secteur virum Aféiere vun Neierungen
- ⇒ Kompetenzzentrum Digitalisatioun
- ⇒ Onofhängeg Zentraldatebank, Stéchwuert Dateschutz

Gemeinsam Agrarpolitik

D'Diskussioune ronderëm d'Reform vun der Agrarpolitik si lancéiert. Et gëtt emol vill vu Klima, vu Waasser an och vu Produktivitéit geschwat. Mir wëllen awer zu dësem Zäitpunkt drop hiweisen, datt d'Akommes an der Landwirtschaft nach ëmmer ënnert dem Duerchschnëttsakommes vu vergläichbare Beruffer läit. Bei der nächster Reform fuerdere mir dofir eng deelweis Ëmorientéierung vun de Primmen, déi sech aktuell op d'Fläche bezéien. Dat op System hin, deen d'Betribsleeder ënnnerstëtzt. Nëmmen da kann ee wierklech vun Akommesënnerstëtzung schwätzen. Esou ënnerstëtzt een déi aarbechtsintensiv Produktioun, respektiv et kann een d'Aarbechter gerecht a sozial entlounen, wat och nach wichteg ass an engem Land, mat héije Léin. Doniewent kommen d'Primme bei den aktive Baueren un an net beispillsweis bei de Verpächter.

Ministerium

Et kann e goen, wou ee wëll, d'Diskussioun ass ëmmer an iwwerall déiselwecht. Wie gëtt Landwirtschaftsminister? Gëtt et dee sougenannte Superministère?

Jo, mir hu keng Méi gescheit, fir eppes gewuer ze ginn, mee eppes Richtiges hu mir nach net erausfonnt. Dofir hu mir alt emol gemengt, si ginn sech vläicht net eens a mir sollten hinnen emol en Tipp ginn.

Fir äis ass et kloer, dat de Landwirtschaftsministère en eegene Ministère bleiwe soll/muss. Et kéint ee jo iwwerleeën, datt et eigentlech ëm den Naturschutz geet an da soen, datt den Ëmweltministère predestinéiert ass, fir am Beräich Landwirtschaft ze entscheeden. Et kënnt een och behaapten, datt et bei äis ëm Wirtschaftsleeschtung geet an domat dem Wirtschaftsministère de Ressort iwwerlossen. Et ass awer vill méi komplex:

D'Landwirtschaft ass e komplexe Wirtschaftssecteur, dee primär Liewensmëttel produzéiert; dat net um Fliissband, mee ënnert fräiem Himmel, deen déi meeschte Fläch zu Lëtzebuerg an Usproch hëlt, deen d'Landschaftsbild formt, an, an, an …; ech kéint eng Stonn weiderschwätzen. Fir datt een all dës Erausfuerderunge meeschtere kann, muss een sech intensiv an och geziilt mat der Komplexitéit vun der Landwirtschaft beschäftegen. Wéi mir dat scho viru Joren hei gefuerdert hunn, muss d'Zil sinn, datt den Naturschutz wirtschaftlech iwwert d'Produktioun bezuelt gëtt.

Jiddwereen ass dovun iwwerzeegt, datt d'Landwirtschaft wichteg ass. An deem Sënn hu mir festgestallt, datt mat der leschter Regierung nei Iddien opkomm sinn. Et hat gutt ugefaangen; ass dunn awer am Sand verlaf. A kee weess firwat ... Jo, déi éischt Iddie ware guer net esou schlecht; et koum esouguer zu Resultater. Deen zweeten Ulaf war leider bal fir d'Kaz, well dat eenzegt, wat do nach gutt war, war den Hirschragout mat Spätzlen. Mir schwätzen hei vun den ***Assises agricoles***.

Fir datt dat awer erëm besser geet, fuerdere mir:

- D'Assises agricoles mindestens eemol pro Joer, an dat an zwou Etappen:
    - Eng éischt Entrevue, wou mir déi jeeweileg Fuerderunge virstellen
    - an eng Zweet, wou d'Regierung hir Propose presentéiert a mat de Vertrieder diskutéiert.

- Bei dësen Assisë muss ëmmer de Premier, de Landwirtschaftsministère mat de Verwaltungen an den Ëmweltministère mat de Verwaltunge präsent sinn.

Léif Leit,
Här Minister,

Dir gesitt, datt déi nei Regierung gefuerdert ass. Eis Bemierkungen zu deenen ernimmte Punkte beweisen, datt nach vill ze maachen ass. ***Mir bleiwe jiddefalls um Ball***; sinn awer och bereet, fir konkret Pisten opzeweisen, fir d'Landwirtschaft am Interessi vun alle Concernéierte weiderzebréngen.

Am Numm vum Aarbechtsgrupp Agrarpolitik
vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren*
soe mir Iech MERCI